**N° 4403**
Reçue le 03.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.06.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Policereform gouf déi lescht Joren och d'Zesummeleeën an domat d'Schléisse vu Kommissariater intensiv debattéiert. Aktuell sollen anscheinend eng Rei Kommissariater an den nächsten Méint fir ëmmer zougemaach ginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär des Fro stellen:

1) Ass an den nächste Méint mat weidere Fermeture vu Policekommissariater ze rechnen? Wa jo, wéi eng sinn dat a wéi presentéieren sech déi geplangt Delaien?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°4403
Reçue le 25.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 24 JUIN 2021

**Objet : Question parlementaire n°4403 du 3 juin 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la fermeture de commissariats de police**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4403 vum 3. Juni 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup**

Am Suivi vun der leschter Police-Reform vun 2018 koum et bekanntlech Mëtt Mee 2020 an der Chamber zu engem Débat de consultation, wou d'Inhalter vun där Reform als solch mat ganz grousser Majoritéit approuvéiert goufen. Heizou gehéiert ënnert anerem en Zesummeleeë vu Kommissariater, wat 2018 ugefaangen huet an nach ëmmer am gaangen ass. Dëst Fonctionnement erméiglecht et der Police och an éischter ländleche Géigenden vun 7-21 Auer kënne present ze sinn an en adaptéierten an effikassee Service um Bierger ze leeschten, wat virun 2018 net sou méiglech war. Dëst ass och a lokalen a regionale Comités de prévention a Comités de concertation rezent ëmmer nees ervirgestrach a begréisst ginn.

Déi Siten, wou kee Polizist an Uniform méi schafft a wou och keen Accueil vum Bierger méi stattfënnt, ginn intern säitens der Police/dem Staat zu neien Zwecker affektéiert (z.Bsp. Logementer) respektiv ginn se de Gemengen oder de Propriétairen zréckginn, wann de Contrat de bail bis ausleeft. En detailléierten Echéancier betreffend déi Nei-Benotzung vun deenen eidele Gebaier ass ofhängeg vun deene vir zitéierte Facteuren.